

## d'Peffermillen



Dass d'L.W. kloer Sympathien fir déi rassistesche Regimer a Südafrika a Rhodesien hätt, wosst de Koschter scho laang. Di onzielbar Kommentaren vum Otto von Habsburg, mä och dem lz säng Stellungnahm zu enger Südafrika-Resolution vum der AFC (cf. L.W., 24.3 an 2.4.1977) loosse dodru keen Zweifel. Dass et awer säng Freed iwert dem Ian Smith säng Iwergrëff op Mozambik esou offe gëng bekennen, hat de Koschter nët erwaart: "Zwei Guerilla-Truppenlager zerstört" as den Titel am L.W. vum 29.11.1977, an den triumphéierenden Ennertitel: "Rebellenstreitmacht um Jahre zurückgeworfen". Dass dobei wahrscheinlech Honnerten vum onschëllege Fraen a Kanner ëmkomm sin, gët den L.W.-Lieser jhust duerch en Dementi aus rhodeseschem Mond gewuer. Am "tageblatt" an am "Monde" (30.11.) huet au contraire dës grujheleg Konsequenz den Titel oofgin. An de "Monde" erënnert drun, dass scho 1976 bei esou Kommandoaktiounen am Mozambik Honnerte vum Zivilisten ëmbruecht gi sin, eng Tatsaach, di vum UNO-Kommissär fir d'Flüchtlingswiesen bestätegt gouf. Nun, d'L.W. gleeft deem nënnen, wann e vu vietnamesesche Flüchtlingschwätzt, an d'Liewe brauch nure geschützt ze gin ir et gebuer as. Dem Koschter säi Gott kennt esou Differenze leider nët. m.p.

Wi recht de Synodereporter vum "forum" hat, wu e senger Befierchtung Ausdrock gin huet, d'L.W. hätt vum der Synodalversammlung e Fräifahrtsschäin an di konservativ Parteipolitik kritt. Am CSV-Profil vum 12.11.1977 konnt den L.W.-Direkter onjhenéiert als Parteimember op enger Photo poséieren. Di nächst Etapp däerft wuel säng Kandidatur bei de nächste Chamberwahlen sin. D'Synodevierlag iwert Glaw a Politik as längst vergiess. Do stong nämlech nach: "Ohne die persönliche Meinungsfreiheit der Priester zu schmälern, möchte man den Wunsch ausdrücken, dass diese sich von einem aktiven, besonders parteipolitischen Engagement fernhalten und auch in dieser Beziehung in ihren öffentlichen Meinungsäußerungen Zurückhaltung üben." Mä mir wësse jo, dass d'Thema Oofdreiwung neierdëngs all Mëttelen an der Politik erlaabt. g.

Deen Artikel, dee "forum" op anerer Plaz iwer di ongesetzlech Legalisatioun vu verschiddene Friemaarbechterpassen bréngt, fousst op enger Informatioun, déi d'União duerch hir Presseagence api alle lëtzebuergereschen Zeitungen zoukomme gelooss hat. Eleng d'L.W. huet et nët fir néideg fonnt, dës kriminell Praktiken ze kritiséieren. Hun d'auslännesch Aarbechter keen Usproch op Wahrheit und Recht? 9 Editiounen vum api hu bis elo versicht, der Lëtzebuerger Press Materialien iwer Friemaarbechter zur Verfügung ze stellen. Eemol gouf en api am L.W. zitéiert. Serge

D'JOC hat de Koschter zu enger Konferenz iwert d'"Sozialléier vum der kathoulescher Kierch" agelueden. De Koschter wor iwerrascht ze gesin, dass vum all deenen, di behaapten, hir Partei eleng géif dës Léier an d'politesch Praxis ëmsetzen, keen do war. Grad esou hun all déi gefeelt, di ëmmer nees behaapten, d'JOC wär kee kathoulesche Veräin méi, well se grad dës Sozialléier verworf hätt. Dat as schued, well di béid hätte sécher geléiert, wi onrecht dass se hu matt hirem Getéins. - Op den themateschen Inhalt vum der Konferenz kënn "forum" nach zrëck. m.p.

"D'Priedegt fällt haut aus, dir léif Leit", sot de Paschtouer vu Kréischeldëng. "Ech hun iech eppes ze soen."